ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 17/02/2025

Rapport vun der Kommissioun Relations publiques

Presenzen

Present	Excusé
Assa Luc / Jans Nancy / Kohl Joshua / Lucas Patrick / Doemer Patrick / Pinto Toni / Pettinger Frank	Weis-Collé Suzanne / Baus Ben / Bozic Anton / Braun Daniel

Punkt 1: Suivi vun de Virschléi déi un d'Gemeng gaange sinn

D'Presidentin begréisst d'Kommissioun a spezifesch de neie Member Patrick Doemer. De Patrick stellt sech kuerz vir. D'Presidentin offréiert e kuerze Récapitulatif vun der Aarbecht vun der Kommissioun bis elo, mat speziellem Fokus op d'Analys an d'Verbesserungsvirschléi hinsiichtlech dem ROI, dem Gemengebuet, dem Internetsite an allgemeng der Visibilitéit vun der Gemeng an der Présentatioun no baussen.

D'Presidentin geet op déi neitste Stänn an. An d'Affair vum ROI soll et bei der Gemeng viru goen, genau esou wéi den Internetsite betreffend. Hei ass zwar nach keen genauen Zäitplang raus. Zesumme mat der Gemeng kann een hei weider Virschléi ennerbreeden, fir dese méi iwwersiichtlech ze gestalten. Wat de Gemengebuet ugeet, esou mengt de Patrick Doemer, dass et eng méi iwwersiichtlech Struktur bräicht, fir d'Annoncen vun de Veräiner ze inseréieren. Wann e Veräin eppes publizéiert, soll dat ëmmer de selwechten, eenheetlechen Espace sinn, net dass spéider deen ee Veräin dräi, deen aner der just 1 huet. (Hei gett d'Beispill vum Format 210x148 genannt). E Veräin, dee weise well wei flott en Evenement war, kéint da bis zu 2 Säite kréien.

Punkt 2: Austausch iwwert d'Brochüren

D'Nancy mierkt un, dass bei de Veräiner, ma och bei de Betriiber kloer soll defineiert ginn, weieng Infoen vun hinnen an der Brochür soll stoen. Hei géing een en relativ oniwwersiichtleche Mix fannen, dee sech aus ennerschiddleche Sproochen an Informatiounen zesummesetzt. De Patrick Domer mierkt un, dass een hei zweesprocheg kéint fueren.

Helperknapp, 17/02/2025

D'Nancy gesäit besonnescht Verbesserungspotenzial, an deems ee konkret virgett, wéieng Froe solle beäntwert ginn. Dat soll et fir déi interesséiert Bierger méi einfach maachen, déi fir sie wichteg Infoen erauszefilteren.

En Ennerscheed muss gemaach ginn, wat Betriiber an d'Veräiner betrefft. Esou sollen d'Veräiner weider d'Méiglechkeet kréien, hier Manifestatiounen ze présentéieren oder ze rekapituléieren, an esou Pub ze maache fir dat Joer drop.

Punkt 3: Kommunikatioun mat/vun der Gemeng

/

Punkt 4: Nei Entwécklungen an Iddien

Des Weideren gett ugemierkt, dass d'Soirée de Bienvenue vun der Gemeng nach Potenzial fir Verbesserungen hätt. Esou ernimmt d'Nancy beispillsweis d'Iwwersetzung oder dat ze séiert weise vu Slides. Hei gett proposéiert, dass een als Kommissioun fir Veräiner an Organisatiounen 1-2 Veranstaltungen kéint organiséieren, wou ee spezifesch ob Sujeten wéi Présentatioun, Kommunikatioun an ähnleches wat an eisen Aufgabeberäich fällt ageet. De Patrick Doemer erklärt, dass een dat zesumme mam der Kommuniaktioun vum vivre ensemble kéint op d'Been stellen. Fir d'nächst Joer kéint een sech an der Organisatioun vun deser Soirée zesummesetzen an e Konzept ausschaffen. D'Nancy weit dese Punkt aus, a mengt dass een tatsächlech zu ville Kommissiounen kéint als Relations Publiques eppes ka bäidroen, an deems een Informatiounsveranstaltunge mecht, an eventuell och Input bei der Soirée de Bienvenue ginn. Hei mierkt de Patrick un, dass een kommissiounsiwwergräifend eng Versammlung kéint maachen, wou een dann eng eenhetlech Viergehensweis kéint ausschaffen.

Des Weideren gett d'Applicatioun HOPLR thematiséiert, wou eng Art sozial Plattform fir d'Communautéit an der Gemeng kéint bidden. Aner Gemenge wéi zB Mäerzeg hunn dat schon, an esou kéint ee sech besser ennerteneen vernetzen. Während d'HELPERKNAPP zwar gutt ass fir wichteg Infoen vun der Gemeng matzedeelen, esou ass dat dann awer eng aner Fonctioun. D'Nancy wäert sech an Zukunft méi iwwert déi Applicatioun informéiren an der Kommissioun déi Erkenntnisser matdeelen.

Punkt 5: Verschiddenes

/

Helperknapp, 17/02/2025

Punkt 6: Festleeë vun der nächster Versammlung an Inhalt

Den Datum vun der nächster Kommissiounsversammlung gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt am Whatsapp-Grupp gekläert. Vum 17 bis zum 28 Abrëll gett proposéiert.